PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Gesetzesprojet 8405 iwwert d'Verlängerung vun de Bäihëllefe fir klimafrëndlech Investitiounen

Lëtzebuerg, den 22/10/2024

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- D'Regierung huet am Koalitiounsaccord festgehalen, dass si sech un den Nationalen Klima- an Energieplang (PNEC) géif halen, deen duerch eng Villzuel u Moossnamen d'Reduktioun vun den Zäregasemissioune soll erreechen;
- Fir Januar 2025 warnen den ILR an d'Stroumnetzbedreiwer d'Konsumenten, dass d'Käschte fir de Stroum ëm bis zu 30% wäerten erop goen. Duerch eng nei Formel bei der Berechnung vun de Netzkäschten riskéiere grad déi Leit, déi d'Energiewend ënnerstëtzen an a Wärmepompelen an Elektroautoen investéieren, finanziell benodeelegt ze ginn.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. bei der Berechnung vun den Netzkäschten ze berécksiichtegen an dofir ze suergen,
    - dass Stéit, déi Stroum mat hirer Photovoltaikanlag produzéieren, net finanziell benodeelegt ginn, wann si bei schlechtem Wieder méi Stroum aus dem ëffentleche Stroumnetz verbrauchen.
    - dass Stéit, wann si an eng Wärmepompel oder een Elektroauto investéieren, net finanziell benodeelegt ginn, well hiren Duerchschnëttskonsum u Stroum logescherweis duerch dës Investitioune wäert erop goen.